N°609
Entrée le 15.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.04.2024
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Virun 30 Joer ass d'Deponie vum fréiere Gemengesyndikat SIDA bei Kautebaach zougemaach ginn. Haut ass den interkommunalen Offallsyndikat SIDEC verantwortlech fir d'Gestioun an d'Sanéierung vun dësem Site.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit folgend Froe stellen:

- Ginn nach reegelméisseg Kontrollen op dëser aler Deponie duerchgefouert? Wa jo, a wat fir enger Kadenz a wat sinn d'Resultater? Wéi gëtt d'Sickerwaasser aus dësem Deponiekierper opgefaang an entsuergt?
- Verfüügt den Här Ëmweltminister iwwer genee Informatiounen zum haitegen Zoustand vun der Ofdichtung?
- Opwat fir engen anere Plazen am Land goufen nach änlech kleng Deponien identifizéiert, a wat kann een iwwer hiren Zoustand soen? Wou ginn et nach eventuell Risike fir d'Ëmwelt?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 609 vum 15. Abrëll 2024 vun den éierewäerten Deputéierten den Hären André Bauler a Luc Emering iwwert "Ancienne déponie du syndicat intercommunal SIDA à Kautebach"**

**Ginn nach reegelméisseg Kontrollen op dëser aler Deponie duerchgefouert? Wa jo, a wat fir enger Kadenz a wat sinn d'Resultater? Wéi gëtt d'Sickerwaasser aus dësem Deponiekierper opgefaang an entsuergt?**
**Verfüügt den Här Ëmweltminister iwwer genee Informatiounen zum haitegen Zoustand vun der Ofdichtung?**

Et gouf Echangen tëscht dem SIDEC an der Ëmweltverwaltung (AEV) wat d'Desaffectatioun vun dëser Deponie ugeet. D'Basis vun de Gespréicher ass d'Dokument "Antrag zur Überführung der Deponie SIDA in die Stilllegungs- und Nachsorgephase" vum Juli 2019.

A besotem Dokument gëtt ënner anerem den Zoustand vun der Deponie analyséiert a Moossnamen zur Sécherung projezéiert. Déi lescht Kontrollen a Begehunge goufen am Kader vun deem genannten Dokument gemaach. Déi Etüd huet och d'Sickerwaasser thematiséiert op Grond vun Analysen déi vun 2001-2018 gemaach goufen. An der Etüd gëtt d'Konklusioun gezunn dass d'Waasserqualitéit vun der Wolz net duerch d'Deponieofwaasser beaflosst gëtt.

Et soll een och an deem Kontext erwänen, dass déi Deponie säit de 90er Joren inaktiv ass, an domat virun allem nach inert Materialien hei virzefanne sinn.

**Opwat fir engen anere Plazen am Land goufen nach änlech kleng Deponien identifizéiert, a wat kann een iwwer hiren Zoustand soen? Wou ginn et nach eventuell Risike fir d'Ëmwelt?**

Zu Lëtzebuerg ginn et 617 bekannten, zouen Deponien. Et handelt sech dobäi ëm al Tippen déi bis an d'80er Joren respektiv mat Ausname bis an d'90er Joren als „Duerftipp" fir Hausmüll benotzt goufen. Eng visuell Inspektioun vun all deene Plaze gouf am Joer 2017/2018 vun der AEV a Kollaboratioun mat der Naturverwaltung (ANF) duerchgefouert.

17 vun de 617 Tippen weisen eng Erosioun vun der Uewerfläch op, esou datt et net auszeschléissen ass, datt op verschidde Plazen eng Rei Offäll (haaptsächlech Plastik, Glas a Metall) zum Virschäin komme kënnen. Zum gréissten Deel befanne sech déi besoten Deponien (>95%) op Gemengenterrainen, dofir läit den Ënnerhalt vun deene Sitten an der Verantwortung vun de jeeweilege Gemengen. Deementspriechend huet d'AEV Kontakt mat de betraffene Gemenge opgeholl, fir dës Problematik opzeschaffen. Et ass wichteg ze wëssen datt Uewerflächenerosioune mat der Zäit progresséiere kënnen, dofir ass eng zweet Bestandsopnam fir 2027 geplangt.

Déi Deponie si säit 30-40 Joer inaktiv an doduerch ass den aktiven Zersetzungprozess och zu ronn 90% ofgeschloss. Et bleiwe meeschtens just nach Offäll wéi zum Beispill Plastik an Glas am Deponiekierper leien, déi sech nëmme lues zersetzen. Deementspriechend ass net mat enger direkter Gefor fir d'Ëmwelt ze rechnen.

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit